Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# TKS Sitzungbericht

| Nummer :1/2025 | 22/07/2025 |
|---|---|

| | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Alain Blasen** | x | **Steve Degano** | E | **Claude Ernst** | x | **Christiane Huberty** | x |
| **Uwe Jakoby** | x | **Gilles Mores** | x | **Jos Neuberg** | x | **Thill Jean-Jacques** | x |
| **Steve Blasen** | | **Patrick Molitor** | | | | | |

## 1. Chargenverdeelung am Comité

Als neie Member vum Tks begréisse mir den Alain Blasen.

***Am Comité ginn Chargë wéi follegt verdeelt*:**

Alain: bekemmert sech **mat** em Jugend, soubal mir nees Jugendkommissioun hunn.
Kommunikatioun mat der Péitenger Gemeng.

Steve: Statistiken a Moyennen.

Claude: Organiséiere vun den Eenzelmeeschterschaften,Tandem, asw.
Bestelle vun de Medailen a Coupen.
Online Informatiounen op Facebook setzen.

Christiane: Catering bei de Finalen.
Hotelreservéierungen am Ausland

Uwe: Alles wat mat den Nationalequippen ze dinn huet.
Organiséiere vum Kadertraining.

Gilles: Informéiert iwwert Datumer vun den auslännesche Mätscher.

Jacques : Organisatioun vun den Nationale Mätscher.
Sitzungsberichter schreiwen, a Koordinatioun vum TKS-Comité an CA.
Iwwerwaachung vun den Aarbechten un de Bunnen zu Péiteng.

De Sportkeelenkallenner gëtt zesumme mat deene verschidde Persounen erstallt.
Dëst gëllt och fir de Sprint an de Duathlon.

**Partenaires de la F.L.Q.**
LOTERIE NATIONALE
WILWERT
HOTEL THREELAND **** RESTAURANT BRASSERIE
50 Rue Pierre Hamer - L-4737 PETANGE
Tél: 00352 26 50 800 - E-mail: threelan@pt.lu
www.hotelthreeland.lu

52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

**2. Festleeë vun den Datumer fir Championnat.**

De Comité gesäit sech schonn um 17:30 Auer zu Péiteng
Christiane schreift Datumer op an iwwergëtt dës dem Jacques, deen Datumer mat den Zäiten an den Excel Fichier schreift. De Fichier krut de Jacques vum J-Marc gemailt.

Nodeem dass Datumer festgeluecht goufe gëtt Loterie National gezunn. Christiane freet am Sekretariat no fir Kugelen an Ziedele vun deenen ugemellte Veräiner ze Kréien.

**3. Diskussioun iwwert Damen am Härenchampionnat.**

Et gouf festgehalen dass esou eng Ufro per Mail un FLQ gemaacht soll ginn, fir dass bei der nächster Generalversammlung doriwwer ofgestëmmt ka ginn.

**4. Diskussioun wou dann elo Finalen a Coupe gespillt gëtt.**

De Jos kläert mat dem Jules vu Schlennermarnecht of, wéi Disponibilitéit vun de Bunnen ass.
De Claude mécht en Excel Sheet mat Propositioune wéi een de Roulement all Joers ka maachen.
Wann Coupe Loterie Nationale zu Schlënner gespillt gëtt, da muss een u Bannere vun der L. N. denken. En zweete Saatz Bannere kënnt ee bei der L. N. bestellen.

**5. Reglementsännerung.**

Et ass festgehalen ginn dass bei Coupe Loterie Nationale, wann eng neutral Bunn gesicht muss ginn, nëmmen op Bunnen zu Lëtzebuerg zeréck gegraff gëtt.
Desweidern muss e Spiller mindestens 2 vun 3 Bunnen erfollegräich ofgeschloss hunn, fir un der Final deelzehuelen.
Et muss am CA nogefrot ginn op mir musse Stroofeskala upassen.

**6. Kadertraining**

Den Uwe präparéiert de Kadertraining, wellechen den Oktober soll ufänken.

**7. Divers**

Am September soll e Sprint Open organiséiert ginn. Hei gëtt de Claude eis fir déi nächst TKS-Sitzung déi néideg Informatiounen.

**Mat beschte Gréiss**

**Jean-Jacques**

**Partenaires de la F.L.Q.**
LOTERIE NATIONALE
WILWERT
HOTEL **** THREELAND RESTAURANT BRASSERIE
50 Rue Pierre Hamer - L-4737 PETANGE
Tél: 00352 26 50 800 - E-mail: threelan@pt.lu
www.hotelthreeland.lu